



och héieren: D’Kultur ass transversal. Dat heescht, mir mussen och aner Ministère mat-abannen.

Méi Participatioun vun alle Kulturakteure muss an dësem Prozess ageschriwwen bleiwen, an dat am Numm vun der Transparenz an der participativer kultureller Demokratie um Niveau vun der Gouvernance. All kulturellen Akteur gëtt iwwer Assisen, Consultatiounen, Ateliers de réflexion Deel vun der Ëmsetzung vum Plang a suivéiert vu ganz no d’Evolutioun vun den Objektiv an de Prioritéiten an der Zäit, déi et eben heifir brauch.

Zum Schluss wëll ech dann nach eng Kéier betounen: Fir dass d’Visiounen an d’Recommandatiounen vum KEP an den nächsten zéng Joer ëmgesat solle ginn, mussen mir Politiker derfir suergen, dass dee wichtegste Prozess vun der offener Diskussioun bestee bleift. Duerfir ginn ech lech elo schonns Rendez-vous am Juli 2020, fir eng éischt Evaluatioun vun der Ëmsetzung vum éischte Kulturentwécklungsplang fir Lëtzebuerg ze maachen. An ech géif selbstverständlech der Resolutioun vun deene Grénge meng Ënnerstützung ginn, fir dass dës Engagement parteiüwwergräifend geholl ka ginn a bestee bleift.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och dem Här Statssekretär Guy Arendt fir seng Erläuterungen. Mir hätten dann dës interessant Heure d’actualité fäerdeg a mir kéimen dann zum nächste Projet. Dat ass de 7044...

(Brouhaha et interruptions)

Ah Pardon! Okay! Ech wollt lech froen, ob Der d’accord sidd, fir de Vott iwwert d’Resolutioun à main levée ze maachen.

(Assentiment)

Vote sur la résolution 1

Gutt. Dann: Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech mengen, ech hu keng Géigestëmm. Ah dach!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir sinn dergéint!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Dergéint? Allen dräi? Et ass gutt.

(Brouhaha et interruptions)

Jo, well mat den Hänn dohanne war e bëssen Duerjerneen. Also Dir sidd allen dräi dergéint? Gutt. Merci. Da soen ech allegueren deenen anere Merci fir déi breet Ënnerstützung vun dëser Resolutioun.

An da fuere mer elo viru mam Ordre du jour. Mir kommen elo un de Projet 7044 iwwert d’Inspection générale de la Police. An ech géif direkt dem Här Rapporteur Alex Bodry d’Wuert ginn. Här Bodry, Dir hutt d’Wuert.

9. 7044 - Projet de loi sur l’Inspection générale de la Police et modifiant:

1° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État;

2° la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l’État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3° le livre 1^{er} du Code de la sécurité sociale

Rapport de la Commission de la Force publique

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Madamm Presidentin. Jo, d’Generalinspektioun vun der Polizei ass am Fong e Kand vum Fusiounsprojet vu Gendarmerie a Police, deen dës Chamber am Mee 1999 gestëmmt huet.

Als deen deemolege fir déi Reform zoustännege Minister kann ech mech nach ganz gutt un déi Debatten erënneren, déi net an dësem Gebai stattfont hunn, mä, net wäit vun hei, an der Gemeng vun der Stad Lëtzebuerg, déi eis sengerzäit opgeholl hat. Et war déi leschte Sitzungswoch virun de Wahlen vun 1999.

An déi Fusioun war net onëmstridden. Eng Partie Parteien an Deputéierten hunn déi Fusioun ganz kritesch gesinn. Wat een däreif feststellen, dat ass, dass haut kee Mënsch méi d’Zesummeleung vun der Gendarmerie a vun der Polizei a Fro stellt.

Eng staark Police brauch och eng staark Kontroll. An duerfir war d’Suerg och deemools vun den Auteuren vun där Reform, fir dass sollt garantéiert ginn, dass een ewechkënn vun deem besteeënde System vun den interne Kontrollen an deenen zwee Corpsen, mä dass mer eng eegen, eng onofhängeg Kontrollins-tanz schafen, eben déi Inspection générale de la Police, fir deen neie staarke Polizeicorps kënnen méiglechst wierksam ze kontrolléieren.

Dat war d’Absicht deemools. Mir waren och eng Rei vu Beispiller kucken, an der Belsch an an Holland, déi ännelech Institutiounen hunn. A mir hunn eis un deenen dote Modeller inspiréiert, fir dann déi Generalinspektioun hei an eise Reformprojet vu Polizei a Gendarmerie mat eranzehuelen.

Dës Organ a sengem Ufanksstadium, dat muss een haut kritesch soen, hat nëmme begrenzte Missiounen, begrenzte Mëttelen an och net en honnertprozenteg klore Statut. An duerfir war et zéng Joer no der Reform an enger Orientéierungsdebat, déi mer hei am Februar 2009 hatten, wou mer eis och mat där Fro vun der interner Organisatioun vun der Polizei, awer och mat der Fro vun der Kontroll vun der Police beschäftegt hunn.

An déi Konklusiounen, déi deemools hei eestëmme, mengen ech, vun der Chamber geholl si ginn, déi gëllen eigentlech och nach als Fundament vun där Reform, déi hei duerchgezu gëtt. Déi si bal allegueren integréiert ginn an dee Reformprojet, deen ech hei d’Eier hunn, als Rapporteur ze presentéieren.

2013 ass am deemolege Regierungsprogramm elo festgehalen ginn, déi Reform ze maachen. 2009 war dat schonn de Fall, véier Joer virdrun. Et ass awer nëmme bis zu engem Virprojet komm. An dës Regierung huet also dee Ball do ganz gären opgefaangen a probéiert elo, de Kierfchen ze markéieren, andeem hei dës Reform dann och elo wierklech gestëmmt gëtt an och deemnächst a Kraaft ka treden, an dat zesumme mat där Polizeireform, déi mer viru Kuerzem hei an der Chamber guttgeheescht hunn.

D’IGP war och ee vun den Elementer, déi mer och an der Consultatiounsdebat am Juni 2016 hei an der Chamber diskutéiert hatten. Gläich drop, den 31. August, huet de Minister Etienne Schneider de Reformprojet hei deponéiert. Ech sinn den 22. Februar 2018 als Rapporteur bestëmmt ginn. An enger néng Sätzungen an der Kommissioun si mer duerch den Text gaang, hu mer d’Avis gekuckt. Och eng ganz Rei Serië vu Regierungsamendementer sinn et ginn zu deem heite Projet. An de Rapport ass majoritär ugeholl ginn an eiser Sitzung vun der Commission vun der Force publique de 25. Juni vun dësem Joer.

Wat wichteg ass ze gesinn, dat ass: Wann een all déi Avisa kuckt, dass se bal ausschliesslech d’Reform u sech begreifen. Et ass emol deen een oder deen aneren Deelaspekt vun där Reform, dee kritiséiert gëtt oder zu deem e puer Froen gestallt ginn. Mä ob dat elo d’Gerichtsorganer sinn, ob dat de Parquet ass, ob dat d’Untersuchungsriichtere sinn: Alleguer si se eigentlech zefridde mat där Orientéierung, déi déi heite Reform der Inspektioun vun der Police gëtt.

Et ass och probéiert ginn, deene Remarken, déi komm sinn am Laf vun der Prozedur, sou wäit wéi méiglech Rechnung ze droen, besonnesch och deenen, déi gemaach si gi vun der nationaler Dateschutzkommissioun.

Ech mengen kënnen ze soen als Rapporteur, dass elo um Enn vun där legislativer Prozedur duerch déi Ëmännerungen, déi gemaach si ginn, och op Initiativ vun der Regierung, opgrond vun deenen Avisen, déi erakomm sinn, dass den ursprénglechen Text nach u Kohärenz an u Logik gewonnen huet, ouni dass awer - mat Ausnam vum Faleloosse vun der Iddi vun der Mediation, déi net méi am definitiven Text zrëckbehalen ginn ass - iergendeng vun den initialen Zilsetzunge vun deem heite Gesetz a vun där Reform dorënner gelidden hätt.

Op engem Punkt sinn d’Regierung wéi och d’Kommissioun haart bliwwen. Dat ass déi Iddi, dass an Zukunft déi Leit, déi an der Inspection générale de la Police schaffen, net méi däreifen an d’Polizei zrëckgoen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat sinn haut, mat Ausnam vun dem aktuellen Inspecteur général, alles detachéiert Leit aus der Police. An déi däreifen also, wa se elo d’Op-tioun opheulen, fir an der IGP ze bleiwen, net méi an deen urspréngleche Corps zrëckgoen.

Dat aus der einfacher Logik eraus, dass een, fir déi Onofhängegkeet an déi Onparteiesscheet vun der Kontroll ze garantéieren an och no bausse siichtbar ze maachen, dass een do muss dee Lien kappe vum Personal an hirem urspréngleche Corps. An duerfir war et, mengen ech, wichteg, dass mer do och bei deem dote Punkt fest bliwwen si bei der Iwwerzeegung, dass een déi Trennung do muss vollzéien.

Wichteg schéngt mer och ze sinn, dass an der nächster Zäit och d’Inspection générale de la Police mat zousätzlech Personal ausstafféiert gëtt, fir all deene Missiounen, och deenen neie Missiounen, déi se kritt huet, besonnesch och am disziplinaresche Beräich, kënnen an uerdentlechen Delaie gerecht ze ginn.

Ech wëll do vläicht e kuerzt Zitat uféieren vun deem leschte Rapport vum GRECO, also deem Statebündnis, dat sech mat Froe vu Korruptioun a Gouvernance ofgëtt, an déi och an hirem leschte Rapport, dee viru kuerze Wochen elo publizéiert ginn ass, och e Blëck geworf hunn op déi dote Contrôle vun der Inspection générale. An ech géif just hir Konklusioun hei op deem dote Punkt wëllen zrëckbehalen, wou se eng Opfuerderung mécht, ech zitieren: «que l’Inspection générale de la Police soit dotée des ressources nécessaires à l’exercice de ses missions et que des modalités adéquates de recrutement d’un personnel qualifié et intègre, ainsi que de formation de ce personnel, soient définies.» Abée, mir mengen, dass mat där Grondlag hei vun deem neie Gesetzestext et méiglech wär, fir där Recommendation do vum GRECO gerecht ze ginn.

Ech wëll net op sämtlech Detailpunkten hei agoen, déi an deem heiten Text mat dra sinn. En ass souguer nach e bësse méi grouss ginn am Laf vun der Prozedur, well vum Statsrot verlaangt ginn ass, dass eng Rei vu Saachen, déi virdru sollten iwwer e Reglement geregelt ginn, sollten an den Text selwer vum Gesetz integréiert ginn, besonnesch wat all Froe vu Personal a Fonction publique eigentlech ugeet. Ech wëll mech also hei op déi wesentlech Punkten, bei där Presentatioun hei am Parlament, beschränken.

Wat bleift bestoen?

Well viles bleift bestoen, et gëtt net alles op d’Kopp geworf. Et gëtt munches vun deem, wat haut schonn zu de Missiounen, zu der Struktur, zu der Inspektioun gehéiert, bäibehalen.

Weiderhi wäert d’IGP der Autoritéit vum Polizeiminister ënnerstoen.

Déi Hauptmissiounen, déi se haut huet, wäert se och an Zukunft hunn. Dat ass also haapt-sächlech:

fir de Fonctionnement vun der Polizei ze kontrolléieren, fir derfir ze suergen, dass also Gesetzzer a Reglementer vun der Polizei respektéiert ginn;

dass se selbstverständlech och op Reklamationen muss agoen, déi vu baussen u si eruge-droe ginn, wat de Fonctionnement vun der Police ugeet;

dass et eng Kontroll, eng Qualitéitskontroll duerchgefouert gëtt vun der Effikassitéit, vun der Effizienz vun der Polizeiarbecht iwwert de Wee vun Auditen;

an dass se chargéiert sinn, fir Enquête-judiciairen duerchzeféieren, wann et ëm Strofdelikter oder Crimé geet, wou Membere vun der Polizei mat implizéiert sinn.

Dat alles ka se haut maachen. Dat alles wäert se an Zukunft kënnen weider maachen.

Wat sinn elo déi Ännerungen, déi mat deem heiten Text kommen?

D’IGP gëtt eng regelrecht Verwaltung. Si gëtt also komplett eng onofhängeg an onparteiessche Instanz par rapport zur Polizei.

Dat geet u mat der Besetzung vun dem Poste vum Inspecteur général vun der Police, déi an Zukunft reservéiert ass fir e Magistrat.

Dat geet weider op déi Iddi, déi ech scho virdrun exposéiert hunn, dass kee Retour méi vun de Membere vun der IGP an d’Polizei wäert méiglech sinn. Déi ginn an aner Verwaltungen. Da kënnen se weidergoen, wa se zéng Joer Dénchschtzäit bei der IGP hatten. Dat ass also och e Must. Et muss een am Prinzip zéng Joer sech engagéieren, fir bei der Generalinspektioun ze schaffen.

An de Polizeikader wéi den Inspecteur général an och säin Adjoint, déi kréien automatesch elo déi voll Qualitéit vum Officier de police judiciaire. Deen hate se bis elo nëmmen a bestëmmte Fäll.

Véier Departementer ginn elo an d’Gesetz ageschriwwen, déi also d’Organisatioun vun der IGP ausmaachen. Dat sinn en Departement fir administrativ a judiciaire Enquêtes, en Departement fir d’Kontrollen an den Audit, en Departement fir Etüden a schliisslech en Depar-

tement, wat déi zukünfteg Disziplinarenquäten ugeet, wou also och elo d’IGP eleng zoustänneg ass, fir all déi Disziplinarenquäten duerchzeféieren, déi de Polizeikader vun der Police betreffen.

Dat ass also wichteg och an där Hisiicht, dass déi Departementer bestinn, well et muss opgepasst ginn, dass do keng Interferenzen entstinn tëscht op där enger Säit Disziplinarenquäten, déi eenzel Leit vun der Police betreffen, an eventuelle Enquêtes judiciaires, déi déiselwecht Leit weinst deeneselwechte Faite géife betreffen. Do muss also gekuckt ginn, dass do déi doten Enquêt vu verschiddene Leit duerchgefouert ginn, déi also och zu verschiddenen Departementer gehéieren am Kader vun der Inspection générale de la Police.

Insgesamt kritt also d’IGP méi Missiounen duerch dës Gesetz, wéi se der bis elo hat. A besteeënd Missiounen gi präziséiert an ausgedeut.

Wichteg schéngt mer och ze sinn, dass d’IGP sech och investéiert bei der Ausbildung vun de jonke Polizisten, wéi och bei der Formation continue. Mir ass opgefall, dass am Rapport vum GRECO och vill Wäert geluecht gëtt op d’Deontologieregelen an der Polizei, déi solle respektéiert ginn. Abée, do gesinn ech och eng Aufgab vun der IGP, fir do eng Hand mat unzepaken.

Besonnesch awer, ech hunn et schonn ugedeit, ass d’IGP elo zoustänneg fir all disziplinär Enquäten, weinst Delikter, weinst Crimen, wou also Membere vun der Polizei mat viséiert sinn, soudass mer also och do eng kloer transparent Léisung kréien, wou et u sech bei Disziplinarafären de Polizeigeneraldirekter ass, dee se decenchéiert. Et ass awer eng aner Instanz, an dësem Fall eng autonom an onofhängeg Instanz, d’Inspection générale de la Police, déi d’Enquêt dann ausféiert. A schlussendlech ass et un aneren Instanzen, fir herno d’Decisioun ze fällen, an dat, wéi gesot, och ënnert der Contrôle vun den ordinäre Gerichter. Mä an deem zweete Projet iwwert d’Disziplin komme mer méi an den Detail vun där doter Aarbecht mat eran.

Bei den administrativen Enquäten op Reklamationen vun de Bierger gëtt och d’Prozedur, mengen ech, méi kloer geregelt, wéi dat haut am Gesetz de Fall ass. Och do ass et, wann déi Resultater virleie vun där Enquête administrative, um Generaldirekter vun der Polizei, fir eng Decisioun ze huelen, mä do gëtt awer och vun der IGP direkt dem Minister Rapport gemaach, soudass also do och eng politesch Kontroll, am gudde Sënn vum Wuert, besteet.

Wat mer och net onwichtig ze si schéngt, dat ass, dass, entgéint dem Text vun haut, d’IGP och an Zukunft kann op Egeninitiativ dem Minister Virschlei maachen, wat u sech de Fonctionnement, wat d’Organisatioun an d’Gestioun vun der Polizei ugeet. Bis elo war dat ausschliesslech nëmmen op Demande hin, wou se dat konnt maachen. Och dat stäerkt also eigentlech d’Positioun vun der IGP als autonom Verwaltung niewent der Polizei.

Doniewent gesäit d’Gesetz eng ganz Retsch vu Bestëmmunge vir, déi Garantien och der IGP ginn, wat den Zougang vun Dokumenter ugeet an Daten ugeet, den direkten Zougang zu eenzelnen Datebanken, ënner Konditiounen selbstverständlech. Mä virun allem ass et wichteg, dass hir mussen fir all hir Fonctionen all déi Dokumenter, och vun der Polizei haapt-sächlech, zur Verfügung gestallt ginn, déi se gären hätt, déi se brauch, fir hir Missiounen duerchzeféieren, fir hir Enquäten och kënnen duerchzeféieren. Och dat ass, mengen ech, wichteg, wéi och d’Garantié wichteg sinn, déi d’Qualitéit beim Rekrutement duerstellen an deenen eenzelne Carrièren, wou eng sougenannte Commission de contrôle agesat gëtt. Alles dat, mengen ech, si positiv Aspekter, déi ee sollt hei ervirhiewen.

Madamm... Neen, et ass elo den Här President, gesinn ech. Ech kommen zum Schluss. Ech géif lech also hei am Numm vun der Kommissioun bidden, deen heite Gesetzesprojet a senger virleiender Form guttzeheeschen, well et eng Reform ass, déi gutt geet, déi weider geet wéi deen éischten Text opgrond vun der Erfahrung, déi gemaach ginn ass, déi eng staark IGP eigentlech asetzt, fir eng staark Polizei kënnen ze kontrolléieren an ze begleeden, wat hir Aktivitéiten an hir Aarbechten ugeet.

Ech sinn och där fester Iwwerzeegung, dass et eng Reform ass, déi d’Polizeiarbecht laangfristeg wäert stäerken an déi garantéiert, dass déi gesetzlech an déi deontologesch Regele respektéiert ginn. Et ass eng Reform och, déi d’Vertrauen an eis Sécherheetsorganer wäert stäipen a konform ass zu rechtsstaatleche Prinzipien.

Duerfir ass et mer och eng Freed, fir och ze erklären am Numm vun der LSAP-Fraktioun, dass mir och wäerten deen heiten Text stëmmen.



Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An den éischten age-schriwwene Riedner ass den Här Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här Pre-sident. Merci dem Här Rapporteur Alex Bodry fir säi schréfflechen a mündleche Rapport. Mir hunn de leschte Mount iwwert den Text vun der Policereform ofgestëmmt an haut stëmme mer iwwert de Projet de loi iwwert d'IGP of. Mat dësem Projet de loi kritt d'IGP en eegent Gesetz, wat mer ausdrécklech begrëssen.

Genee dat war och d'Zil vum fréiere Minister Jean-Marie Halsdorf, deem dëst schonn an engem Avant-projet de loi stoen hat. Duerch d'Gesetz vum 31. Mee 1999, den Här Bodry ass drop agaang, hunn d'Police an d'Gendarmerie fusionéiert. An an deem Gesetz ass och d'IGP - wéi dat am Volleksmond heescht: „d'Police vun der Police“ - gegrennt ginn.

Den Historique vum Projet de loi, deem haut zum Vott steet, geet, wéi de Rapporteur dat och schonns gesot huet, op d'Konklusioun vum der deemoleger Justizkommissioun aus enger Orientéierungsdebat zréck. Aus deene Konklusiounen huet d'Parlament unanime am Februar 2009 eng Motioun gestëmmt, fir d'Regierung opzefuerderen, der IGP en eegene Statut ze ginn an dorausser eng Administratioun ze maachen amplaz vun engem Service vun der Police.

Un der Spëtzt sollen dann een Inspecteur général an een Inspecteur général adjoint stoen. Dorënner sollt een e Magistrat oder e Jurist sinn an deen aneren e Polizist. Et soll dann och eng Antiretour-Klausel an d'Gesetz stoe kommen, déi vermeide soll, dass de Polizist, deem an der Direktioun sëtzt, zréck an de Policecorps ka goen.

Ech ginn net an all Detail vun dëser Motioun an, wéilt awer trotzdem op d'Viraarbechte vum fréiere Minister Jean-Marie Halsdorf kuerz agoen.

An darselwechter Kommissioun, an där den Här Halsdorf den Avant-projet vun der Policereform am Juli 2013 virgestallt huet, huet en och déi grouss Linne vun där neier IGP presentéiert. D'IGP sollt, wéi gesot, hiren eegene legale Kader kréien, eng eegen Administratioun ginn an duerfir och méi Personal zur Verfügung gestallt kréien. Dës Administratioun sollt d'Qualitéit, mä och d'Legalitéit vun der Aarbecht vun der Police iwwerwaachen. E Mediateur war och am Avant-projet de loi virgesinn, deem awer elo leider am aktuelle Projet de loi fale gelooss ginn ass.

All d'Plainten a Reklamatiounen, déi géint d'Polizisten gemaach ginn, ausser den Avertissements taxés, solle vun der IGP traitéiert ginn. D'Spëtzt vun der IGP soll aus engem Inspecteur général an engem Adjoint bestoen. Den neie Gesetzeskader sollt der IGP méi Independenz an Autonomie verschafen a si domadder valoriséieren.

Zu enger Finalisatioun vum Avant-projet de loi vum Här Halsdorf ass et net komm, aus deene bekannte Grënn.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Wéi eng waren dat dann? Déi si mir net bekannt.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Dann hutt Der d'Tiräng net grouss opgemaach. Dir hutt just d'Fënstere grouss opgemaach. Dann hat Der den Tirang mat erausgehäit, Här Minister.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Dann erkläert mer se, Här Gloden!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Ma ech hunn lech jo elo... Dir hutt net nogelauschert.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Neen.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Ech hunn lech jo erkläert, wat drastoung.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Neen. Dann zielt se!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Elo komme mer zu Ärem Projet de loi. Da lauschtert elo gutt no, Här Minister.

Äre Projet de loi, Här Minister, gouf den 31. August 2016 deponéiert. A wéi mer konnte feststellen, hutt Der Äert Gesetz op den Avant-projet de loi vum Här Halsdorf baséiert, well d'Gronddlinne si bäibehale ginn; wat mer ausdrécklech begrëssen.

Wéi schonn de Projet iwwert d'Policereform huet och deen iwwert d'IGP awer e puer weider Ronne missen dréien, well en no engem éischten dach relativ kriteschen Avis vum Statsrot mat enger ganzer Partie formellen Oppositiounen aviséiert gi war.

Et hunn also missen eng Partie Saachen aus dem Text nogebessert ginn. Mir kënnen dat novollzéien a ware generell och mat deene meeschte Regierungsamendementer d'accord. Dëst ëmmer am Interêt vun de fundamentale Rechter an den individuelle Fräiheete vum Een-zelenen.

An deene Regierungsamendementer ass dann awer d'Procédure de médiation, déi initial virgesi war, einfach aus dem Text gestrach ginn. Mir stellen eis hei d'Fro, Här President, ob een net trotzdem hätt kënnen e Wee fannen, fir de Krittike vum Statsrot Rechnung ze droen.

De Statsrot hat selwer a sengem Avis gesot, d'Médiatioun wier eng Disposition clé vum Projet de loi, huet awer kritiséiert, datt d'Dispositionen net präzis genuch wieren. D'Auteurs sollten den Acte de saisine méi kloer beschreiben, wéi d'Prozedur geregelt ass, och wat d'Rechter vum Bierger, deem eng Reklamatioun agereecht huet, ugeet. De Contenu vun der Mediatioun misst och präziséiert ginn.

Bref, de Statsrot huet an dësem Fall missen eng formell Opposition wéinst Insécurité juridique ausschwätzen. Anstatt dëser Aufgab nozegoen, huet de Minister et virgezunn, d'Médiatioun einfach aus dem Text erauszehuelen. Mir mengen, dass hie keng Zäit verléiere wollt an esou séier wéi méiglech weiderkomme wollt. Mir fannen dat eng bedauerlech Approche. D'autant plus, datt haut d'Médiatioun vu jiddwerengem geprise gëtt an a ganz villen Texter drasteet.

D'Polizisten an der IGP kréien direkt d'Qualitéit vum OPJ, also Officer de police judiciaire. Eng nei Disposition, déi mir matdroen. Och d'generell Missionen, de Contrôle de légalité mam Droit d'inspection an den Enquête-administrative souwéi de Contrôle-qualité mat Etüden an Auditen, d'Enquêtes judiciaires souwéi d'Instructions disciplinaires, op déi de Rapporteur agaang ass, fannen eis Zoustëmmung.

Zu der neier Spëtzt vun der IGP, Här President: Dëst Gesetz gesäit vir, dass d'Fonction vum Inspecteur général vun engem Magistrat de l'ordre judiciaire mat mindestens 15 Joer Erfahrung an der Magistratur besat muss ginn, während d'Fonction vum Inspecteur général adjoint vun engem Polizist mat enger 15-järegger Expérience an der Polizei oder an der IGP besat muss ginn.

Do soe mir als CSV ganz kloer, datt mir géint eng Magistratisatioun vun der IGP sinn. Mir fannen et net gutt, dass den Inspecteur général muss e Magistrat sinn. Dat ass fir eis de facto eng Vermëschung tëscht de Pouvoirs. A mir sinn eigentlech verwonnert, dass de Statsrot hei keng Bedenke geäussert huet. An hiren Interventiounen 2009 waren d'Häre Braz, Bodry an och d'CSV-Vertrieder vill méi reservéiert op dësem Punkt, well et ass gesot ginn, et misst Cas par cas gekuckt ginn. A besonnesch den Här Bodry huet drop higewisen, datt de Magistrat an der IGP am Fong dem éischte Pouvoir, also der Regierung, ënnerläit an domadder der Séparation des pouvoirs net Rechnung gedroe gëtt.

En anere Punkt, mat deem d'CSV net d'accord ka sinn, ass d'Antiretour-Klausel, déi an Zukunft mat dësem Gesetz verbitt, dass d'Memberen aus der Police an och dem Zivillkader vun der IGP net méi dierfen zréck an d'Police goen. Den Här Bodry ass dorobber agaang.

Fir eis als CSV ass et kloer, dass een, deem eng gewëssen Zäit Inspecteur adjoint an der IGP war, net méi kann zréck an d'Police goen. Firwat dann dierf awer den Inspecteur général, dee jo e Magistrat muss sinn, nees zréck an d'Magistratur goen?

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Do kënnst e jo och nach a Kontakt mat Policebeamten. Do gesi mer eng Ongerechtegkeet. An et ass och net an der Linn mat dem sacro-sainté Prinzip vun der Gewaltentrennung.

Mir fannen iwwerdeems, datt de Principe de non-retour, dee vun der Regierung proposéiert gëtt, ze wäit geet. Mir gesinn als CSV näamlech net an, firwat een Enquêteur, deem an der IGP tätég war, egal wéi eng Missioun deem do hat an ob en am Cadre policier oder civil war, net méi zréck an de Policecorps ka goen. Ëmmerhin huet en eng gutt Erfahrung an zolidd Kenntniss gesammelt, déi enger Police am Corps duerchaus eppes kënn bréngen.

Här President, am Kapitel iwwert d'Personnel steet, dass den Inspecteur général, den Inspecteur général adjoint an och de Cadre policier an der IGP aacht zousätzlech Congésdeeg zegutt hunn. Eng äänlech Dispositioun gëtt et och am Gesetz iwwert d'Police. De Statsrot hat an deem Kontext wéinst Derogation zum Droit commun déi néideg Justifikatiounen fir dësen Traitement de faveur gefuerdert. Déi sinn och nogereecht gi vum Minister an de Statsrot konnt sech schlussendlech domadder offannen.

Trotzdem hat hien a sengem éischten Avis d'Fro opgeworf, firwat een deen zousätzlech Congé iwwerhaapt virgesäit. De Conseil d'État mécht näamlech d'Remark, dass d'Contrainté vun de Polizisten um Terrain an deenen an der IGP net déiselwecht sinn. D'Auteurs wollte sech hei dem Polizeigesetz upassen, wou et eng äänlech Dispositioun gëtt.

Mir als CSV gesinn awer hei nach ëmmer eng Ongerechtegkeet. Mir sinn der Meenung, datt een dann och den Zivillkader mat an déi Dispositionen soll ersetzen. Wann de Congé extraordinaire elo och an der IGP am Gesetz verankert gëtt, da soll och jiddwereen an der IGP dovunner kënn profitéieren.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. D'CSV begrësst de Fait, datt d'IGP hiren eegene Gesetzeskader an och hir eegen Administratioun kritt an dobäi hir elementar Missionen déi néideg Valorisation kréien. Mir sinn och mat den Haaptaufgaben a Kompetenz vum der IGP averstanen. Et ass de Corollaire vum Gesetz iwwert de Statut disciplinaire vun de Policebeamten, zu deem den Här Halsdorf geschwënn hei schwätzt.

Wat mer net kënnen approuvéieren, ass besonnesch an dësem Projet de loi, datt e Magistrat un der ieweschter Spëtzt steet vun der IGP, wëssend, dass d'IGP dem Pouvoir exécutif ënnerläit. Mir fannen ausserdeem och, dass déi generell Antiretour-Klausel, dass d'Leit an der IGP net méi dierfen zréck an de Policecorps kommen, net gerecht.

Aus dëse Grënn stëmme mir als CSV géint dëse Gesetzesprojet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An den nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. An engem Rechtsstat verfüügt de Stat iwwert de Monopol vun der Gewalt. Dat bedeit, datt et ausschliesslech staatlech Organer sinn, déi physisch Gewalt dierfen ausüben, an dass all aner Form vu Selbstjustiz tëscht de Bierger verbueden ass. Den Haaptakteur, deem dëse Monopol huet, ass d'Police. D'Police huet d'Mission, am Kader vum Gesetz fir d'effentlech Sécherheet ze suergen. D'Aufgab vun der Police an engem Rechtsstat ass et, derfir ze suergen, dass de Bierger seng Grondrechter ausüben kann. D'Kompetenzen an d'Pouvoir vum der Police si kloer am Gesetz festgehalten.

D'Prinzip vum Rechtsstat verlaangen näamlech, dass d'Police nëmmen déi Kompetenzen ausübt, déi hinne vum Legislatuer zougestane ginn a se net iwwerschreit. Deemno: Wien iwwerwaacht d'Wiechter?

Virun der Fusioun 1999 huet d'Gendarmerie d'Police kontrolléiert, an d'Police huet d'Gendarmerie iwwerwaacht. Et gouf deemools keen duerchduechte gesetzleche Kader, deem d'Kontroll assuréiert huet. D'Kontroll huet eleng op der Moralitéit an der Aarbechtsethik vun de jeeweilige Beamte berout.

D'Policegesetz vun 1999 huet dunn a sechs Artikelen d'IGP geschaaft. Mat dem Gesetz, dat mir haut hei wäerte stëmmen, huet d'IGP endlech en eegent Gesetz. A wéi den Här Bodry dat detailléiert a sengem mündleche Rapport duergeluecht huet, wäert dat Gesetz duerch eng ganz Rei Punkten d'IGP zu enger regelfrechter Verwaltung maachen. D'IGP wäert elo déi néideg Moyene kréien, fir hir Missionen an Onofhängegkeet kënnen auszeüben. Ee spezifesch Gesetz, separat vum Policegesetz, verstärkt a betount dës Onofhängegkeet, wat d'Haaptuleies vun dëser Reform ass.

Här President, déi Onofhängegkeet ass wichteg, fir dass d'IGP hir Missionen onparteiess an neutral kann ausüben. Gläich e puer nei Elementer wäerten dozou bäidroen. D'Inspektioun kritt hiren eegene Personalkader, deem aus Polizisten an Ziviliste besteet. Et gëtt festgehal, dass den Inspecteur général e Magistrat ass an dass säin Adjoint aus der Police kënn. Dass den Haptinspekter aus der Magistratur soll kommen, ass e Punkt, deem d'Motioun aus dem Joer 2009 jo scho gefuerdert huet. Dës Regierung huet awer net déi heite Reform ofgewart, mä schonn am Joer 2015 gouf de Poste vum Inspecteur général vun enger Magistratin besat.

Déi Nominatioun war schonn en éischte Schratt a Richtung vu méi Onofhängegkeet. De Fait, dass d'Spëtzt net méi just aus Poliziste besteet, mécht et och dem Bierger méi einfach, der IGP ze vertrauen. Andeems een d'Direktioun mat engem Member vun der Magistratur verstärkt, gëtt ee mat an d'Boot geholl, deem och Anung vu Policeaarbecht um Terrain huet. Ausserdeem féiert e Magistrat seng Enquête à charge et à décharge. Eng Prozedur, déi och fir d'IGP wichteg ass.

Aus der Motioun vun 2009 ass och de Principe de non-retour iwwerholl ginn. An Zukunft wäert den Enquêteur sech keng Gedanke méi musse maachen iwwer eng méiglech Zukunft an der Police an Zesummenaarbecht mat Polizisten, géint déi en huet missen enquêtéieren.

Fir weiderhin d'Polizisten ze motivéieren, an d'IGP ze kommen, well hir Erfahrung wichteg ass, fir propper Enquêtes ze féieren, goufen och déi néideg Mesurë getraff an déi huet de Rapporteur jo schonn hei duergeluecht. Et ass och ze begrëssen, dass d'Enquête betreffend Infraktiounen zum Disziplinargesetz elo ganz bei der IGP läit, wat dem betreffende Polizist och méi Neutralitéit garantéiert.

Här President, d'IGP huet och d'Aufgab, Avisen, Recommandatiounen a Propositionen iwwert d'Aktivitéiten, d'Organisation an d'Gestioun vun der Police ze formuléieren, wa si dëst fir sënnavoll empfénnt. Déi Missioun vum der IGP kënnen d'Polizisten an hiren Aarbechtssofleeft weiderbréngen. Ee Beispill vun där Missioun vun der IGP ass, wéi dat am leschte Rapport d'activité ze liesen ass, d'Analys vun der Prozedur, mat där d'Polizisten externen Akteuren den Optrag ginn, spezifesch Aarbechten ze verrichten. Doropshin huet d'IGP Recommandatiounen a Fiche-d'observation formuléiert. Auditen an Etüden erlaben et der Police näamlech, méi effikass ze schaffen. Domadder gëtt schlusslech d'Qualitéit vum Déngscht um Bierger verbessert.

Här President, an der Bezéiung tëschent der Police an de Bierger kann et Ulass zur Kritik ginn. D'Beamte mussen do intervenéieren, wou et emotional Auseenansetzung ginn. Déi Interventiounen kënnen als eng Verletzung vun der Privatsphär opgehofft ginn an et kann och emol sinn, dass et a vereenzelte Fäll zu Verstéiss géint d'Aarbechtsethik kënn.

Am urspréngleche Projet war d'Médiatioun en Haaptelement vun der Reform, dat et erlaabt hätt, e konstruktiven Émgang mat engem Feelverhale vun engem Polizist vis-à-vis vun engem Bierger ze hunn, mä och fir policeintern Konflikter ze léisen. Déi Méiglechkeet ass awer nees aus dem Projet erausgehofft ginn, well an deem Kontext eng Insécurité juridique besteet. Esou zum Beispill ass sech d'Fro gestallt ginn, op Basis vu wéi enge Kritären eng Affär géee-gent ass, fir mat Hëllef vu Mediatioun kënn geléist ze ginn. Och wann d'Gesetz et zwar net méi virgesäit, ënnersträicht de Rapport, dass et trotzdem derwäert ass, där Pist nozegoen an eventuell a Form vu punktuelle Projeten d'Médiatioun ze benotzen.

Pilotprojeten am Ausland hunn näamlech gewisen, dass e Bierger net onbedéngt eng Bestrafung vun engem Polizist wëllt, mä eng Entschëllegung duergeet, wann de Beamte säi Feelverhalten agesäit. Wann et Ausso géint Ausso steet an een net weiderkënn, sinn déi zwou Parteie frustréiert. Mä mat engem modéréierte ronnen Dësch mat den zwou Parteie kann et oft zur Schlichtung vum Problem kommen.

Wéi an anere Beräicher vum Liewe kënnst et bei der Police och zu organisationsinterne Konflikter. Dozou gehéiere Konflikter innerhalv vun enger Equipp, Konflikter mat der Hierarchie oder nach Fäll vu Mobbing. Virgesetzte gebrauchen e gewëssenen Deel vun hirer Aarbechtszäit, fir bei Konflikter no Léisungen ze sichen. Wann esou Konflikter net geléist kënn ginn, huet dat Konsequenzen op déi eenzel Persoun an awer och op d'Funktionement vun der ganzer Equipp. D'Ursache vum Konflikt kënnen dobäi och oft op Kommunikationsproblemer zréckzeféiere sinn. Och hei kann d'Médiatioun eng wichteg Roll spillen.

Här President, d'Aufgabe vun der Police si méi komplex ginn an d'Ufuerderungen un d'Polizisten och. Informatiounen an d'Kommunikatioun sinn an haitegen Zäiten e wesentlecht Element vun enger gudder Policeaarbecht. Mediatiivt Handele kann an deem Sënn och eng Kompetenz sinn, déi d'Police sech uneegene kann an déi am Kader vun der Formationsmission vum der IGP kéint iwwerholl ginn.

Mam neie Policegesetz huet jo elo all Polizist eng Proximitéitsmission. Mediatiivt Handeln, also Konfliktregelung op eng konstruktiv an zukunftsorientéiert Aart a Weis unzegoen, kann deemno sënnavoll sinn. Berufssbedéngt sinn d'Polizisten, méi wéi all anere Mënsch, mat Spannungen a Konflikter a Kontakt. Dofir musse si beschtméiglech equipéiert sinn, fir an esou Situatiounen kënnen ze handelen. Och hei ginn et Beispiller aus dem Ausland, wéi dat an der Proximitéitsaarbecht vun der Police kann ugewannt ginn.



Här President, säit dem Ufank vun de Joren 2000 gehéieren Terrormenacen zum europäeschen Alldag: Madrid, London, Paräis, Nice, Berlin. No den Attacken zu New York 2001 gouf, an dat och zu Lëtzebuerg, vill iwwer speziell Antiterrorgesetzter diskutéiert. Wéi wäit kënnen de Stat an och d'Police an hirer Aarbecht goen, wann eng Terrormenace existéiert? De Minister, deen an deene Joren d'Police a senge Kompetenzen hat, huet eng Opfaassung vun der Gewiichtung tëschent Sécherheet a Fräiheet vertrauden, déi d'Demokratesch Partei op kee Fall konnt deelen. Et ass deemools nämlech gemengt ginn, dass d'Schafe vu Prisonéierlageren zu Guantánamo an den éischte Méint no den Attentater vum 11. September Mesuré sinn, déi ee kéint novollzéien.

2007 huet déi liberal Deputéiert Colette Flesch eng Interpellatioun ugefrot iwwert d'individuell Fräiheeten an d'Tendenz vun der Regierung, ze probéieren, iwwer Gesetzter ënnert dem Virwand vun der ëffentlecher Sécherheet an dem Kampf géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit d'Fräiheeten anzëschränken.

An enger Motioun, déi si deposéiert huet, gouf d'Regierung opgefuerdert, dofir ze suergen, dass d'Mesuren, déi déi ëffentlech Sécherheet solle garantéieren, keng disproportionéiert Mesuren dierfe sinn, mä dass se enger onofhängeger an onparteiescher Kontroll ënnerleien. Den deemolege Minister wier deemools gutt berode gewiescht, ënnert dem Impuls vun der Madamm Colette Flesch hirer Motioun scho mat dëser Reform unzefänken, amplaz iwwer grondrechtsaschränkend Mesuren ze philosophéieren. Genauso wéi d'Reform vun der Police, déi iwwerfällg war, hätt am gesotene Kontext wäertvoll Viraarbecht kënnen geleescht ginn.

Här President, dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. Awer net ier ech dem Rapporteur Merci gesot hätt fir säi gudde schréfflechen a mëndleche Rapport an Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (*déi gréng*).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, bon, et ass gesot ginn, nodeems mer an der leschter Chamberswoch hei dat neit Policegesetz gestëmmt hunn, kënn haut e weidert wichtegt Gesetz hei zur Debatt, fir d'Police fir déi nei Erausfuederunge vun dëser Zäit opzestellen. An natierlech esou gutt no bausse besser opzestellen, wéi dat natierlech och intern ze maachen.

Et ass scho vun de Virriedner gesot ginn, dass 1999 am Kader vun der Fusioun vun deenen zwee Corpsen och d'Inspection générale de la Police mat an d'Liewe geruff ginn ass. An d'Gesetz huet 1999 de Contrôle institutionnaliséiert, wat deemools och an d'Gesetz ageschriwwen ginn ass.

Och d'Generalinspektioun huet mëttlerweil mat enger Magistratin, och mat där Persoun, wou mir als Gréng ganz d'accord sinn, dass dat och weidergefuert gëtt, scho viru Joren dofir gesuergt, dass déi Onofhängegkeet méi grouss ginn ass. An et ass och dat, wat dëst Gesetz nach eng Kéier wëllt festschreien.

D'Missioun sinn och deemools festgeschriwwen ginn am Gesetz, zum Beispill d'Legalitéit an d'Qualitéit ze kontrolléieren, an och Hëllefsmëttel sinn zur Verfügung gestallt ginn, wéi zum Beispill Auditen oder Etüden. A wat ganz wichteg war, ass, deemools ass d'Enquête judiciaire agefuert ginn, déi dann d'IGP gemaach huet.

D'IGP huet a sech dann en Organigramm, dee sech a verschidden Departementer agedeelt huet: eng Kéier d'Enquête, den Audit an dann de Contrôle administratif. Esou wéi d'Policegesetz eben virun enger Zäit huet missen op de Leescht geholl ginn, ass natierlech och d'IGP mëttlerweil an den Alter komm. Mëttlerweil ass et och eng gutt Zäit hier, bal 20 Joer. An et huet zu enger Iwwerschaffung gefuert.

An et ass virdru scho vu Virriedner gesot ginn, dass en Débat d'orientation hei an der Chamber ofgehal gouf. An de Virleefer vun deem Débat d'orientation ass zréckzeféieren op eng Demande vun déi gréng vum 5. Dezember 2007, wou de Justizminister, deemools nach Deputéierten an der Justizkommission, gefrot huet, fir kënnen en Débat d'orientation ze maachen, avec rapport, sur l'organisation interne de la Police, plus particulièrement sur ses mécanismes de contrôle et d'autocontrôle, wat u sech eben déi Onofhängegkeet am beschte präismécht (veuillez lire: duerstellt). An do huelen ech da just e puer Elementer aus der

Konklusioun, déi deemools vu jiddwerengem hei och gedroe ginn ass. D'Motioun ass virdrun och schonn ernimmt ginn.

Éischters gëtt ganz kloer festgestallt, dass onbedéngt eng Independance muss gewahrt sinn, wat ganz wichteg ass. Deemools huet, ech weess net ob in weiser Voraussicht, den Deputéierte Braz gemengt, dass d'IGP der Justiz misst ënnerstallt ginn. Vlächit war dat in weiser Voraussicht, fir dat dann eng Kéier selwer kënnen auszeüben. Mä bon, ech mengen, mir als Gréng sinn och weiderhin d'accord an ënnerstëtzen dat och, dass et ënnert der jëtzegeger Form och weiderleeft an d'Tutelle eben ënnert dem Policeminister bleift.

Wat awer wichteg ass, dat ass, et ass och deemools vun der Magistratur geschwat ginn, dass et ebe beim Contrôle oder der Hierarchie ganz wichteg wier, dass do een aus der Magistratur kënnt. An dat ass deemools och scho festgestallt ginn.

An da wëll ech och nach e weidere Punkt erausschelen, nämlech dee vum Non-retour. Et ass deemools scho festgehal ginn, an ech zitieren och gären dee Saz: «En ce qui concerne les enquêteurs policiers, le retour dans les services de police ne sera plus possible.»

Dat heescht, an de Konklusiounen vun deem Rapport d'orientation gouf ganz kloer festgestallt, dass eben de Retour schwiereg ass. Wëssend, dass och an darselwechter Konklusioun drop higewise ginn ass, doduerch dass d'Land ebe kleng ass an och de Corps net immens vill Leit huet, an et eng petite administration dans un petit pays ass, dat bleift och elo nach ëmmer d'Viraussetzung, an dass et relativ schwéier ass, déi eege Leit erëm zréck an de Corps ze bréngen, fir dass et do net onbedéngt zu Konflikter ka kommen.

An da wollt ech och nach e weidere Punkt eraushuelen, dat ass, well dat stoung och deemools dran, dass eben d'Enquêtes iwwer all Carriären eraus sollen duerchgefuert ginn. Dat stoung och an där Konklusioun.

Soudass mir als Gréng déi véier Haaptrichtlinnen, déi elo festgehal ginn sinn an dësem neie Gesetz (veuillez lire: voll ënnerstëtzen). Éischte Punkt ass en eegent Gesetz, wat mer eben hei ganz kloer ënnersträichen. Zweete Punkt ass déi Onofhängegkeet, déi och festgeschriwwen ginn ass hei an dësem Gesetz, wat mer natierlech och ënnerstëtzen. An en drëtten Punkt ass, wat och scho virdrun e Virriedner gesot huet, dass d'OJen, d'Officiers de police judiciaire de plein exercice, dass se dat och zougestallt kréien. An e véierte Punkt ass d'Ausweitung vun der Instruction disciplinaire, wat schonn am Rapport vum Félix Braz oder an och där Motioun deemools gesot ginn ass, dass dat ausgeweit gëtt. Dat sinn u sech déi véier Haaptpunkten, déi do festgehal gounen an déi och hei an dat Gesetz agefuert ginn.

An elo misst ech u sech schonn ophalen, well elo sinn ech an darselwechter Problematik vu Juge et partie. Virun dräi Wochen hunn ech zum Policegesetz geschwat an haut kontrolléieren ech mech da vlächit och selwer, wann ech haut och vun dësem Gesetz hei schwätzen, soudass ech mech da kontrolléieren, wat ech hei vu virun dräi Wochen gesot hunn.

Mä ech mengen, déi wichtegt Punkte sinn och scho gesot ginn. Dofir wëll ech emol dem Rapporteur éischters fir de schréfflechen, awer virun allem fir de mëndleche Rapport Merci soen, well en ass op déi Haaptpunkte schonn agaan, déi mir als Gréng och ënnerstëtzen. Och d'Problematik vun der Mediatioun ass schonn erkläert ginn, soudass ech dat net onbedéngt nach eng Kéier wollt widderhuelen.

Ech wollt awer just zwee Punkten nach eng Kéier ënnersträichen. D'Onofhängegkeet schéngt mer awer ganz wichteg ze sinn an dësem Gesetz vun der IGP par rapport zu der Police, well dat mécht éischters intern Problematiken, wann do net déi Onofhängegkeet groussgeschriwwen gëtt, mä dat à la tête du client soll funktionéieren a jugéiert ginn. Ech mengen, dat ass mat dësem Gesetz esou verankert, dass dat net de Fall soll sinn. Éischters och, dass d'Magistratur hei d'Presidence soll weiderhin iwwerhuelen. Bon, et kann ee sech och eppes aneres virstellen, mä ech mengen, et ass awer déi lescht Jore scho ganz gutt ënnert där Konstellatioun geschafft ginn, soudass mir absolutt kee Grond gesinn, dat wëllen ze änneren.

A wat ganz wichteg fir eis ass, ass nach eng Kéier, well et och deemools schonn am Rapport stoung, den Non-retour, well et dach zu Mësstänn ka féieren, wann een zréck an d'Carrière vun der Police wëllt goen an et war een eng Kéier selwer involvéiert an enger Inspektioun. Dat wëll ech kengem direkt zoumudden. Dofir mengen ech, dass déi Léisung, déi hei gesicht ginn ass, ganz richtig an och wichteg ass.

Dann zum Schluss dat, wat ech och scho beim Policegesetz gesot hunn: Dëst Gesetz ass och net a Stee gemeesselt. Mir hu bei dem Policegesetz eben, wéi och bei dësem Gesetz elo, 20 Joer praktesch gebraucht, fir et ze iwwerschaffen. Ech denken, et soll een ëmmer déi Gesetzter, insbesondere wann et um Terrain mat ville Leit ze dinn huet, matzäiten op de Leescht huelen, fir eng Adaptatioun ze maachen. An ech ginn dovun aus, dass dat an der Zukunft net méi esou laang wäert daueren.

Duerfir bréngen ech hei fir dëst Gesetz den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Villmools Merci, Här President. An och vun eis aus en hærzleche Merci un den Här Bodry fir e ganz komplizéierte Rapport, deen en erëm magistral hei presentéiert huet.

Mir begrëssen natierlech och de Prinzip vun der Inspection générale de la Police, selbstverständlich. Et ass gutt, dass mer e Gesetz maachen. Ech mengen, all Police brauch eng Institutioun, déi onofhängeg ass, déi se ka kontrolléieren, wou de Bierger sech ka beschwéieren, wou eng onofhängeg Enquête gemaach gëtt, déi d'Vetrauen an d'Police stäerkt. Esou wäit si mer eis alleguer eens. Ech mengen, un der Noutwendegkeet vun esou enger onofhängeger Instanz, déi onofhängeg vun der Hierarchie vun der Police ka fonctionnéieren, besteet iwwerhaupt keen Zweifel.

Esou wäit, esou gutt.

Mir begrëssen also de Prinzip vum Projet. Mä wann ee probéiert, esou eng IGP ze maachen, da muss se sech natierlech an engem Kader bewegen. A mir mussen eis vun Ufank u kloer sinn, wat dee Kader ass.

Éischters muss déi politesch Verantwortung vun der Exekutiv, hei vum Pouvoir politique vun der Regierung respektéiert ginn. Dat Zweet ass, d'Hierarchie vun der Police soll net court-circuitéiert ginn duerch esou eng Instanz. Dat Drëtt ass, déi eege Kompetenzen a Méiglechkeete vun der Police, fir intern Enquêtes ze maachen, mussen respektéiert an erkannt ginn. An natierlech brauche mer keng weider Police an deem Sënn, dass mer der herno zwou oder dräi hunn: eng Police administrative, eng Police judiciaire an dann nach eng IGP, déi selwer och mengt, dass se als Police kann agéieren.

Mir brauchen also eng Police, déi gutt fonctionnéiert hei am Land. Mir brauchen der net méi wéi dat.

Leider war awer dëse Projet vun Ufank un e bësse markéiert vun enger Folie des grands. Folie des grands, well d'IGP, no deenen Texter, déi mer virleien haten, sollt alles wëssen, alles dierfen, alles kontrolléieren, op alles Zougrëff hunn an iwwerall Zougang hunn. E bësse vill däre Gudden!

D'IGP, mat all deene Pouvoiren, mécht also eng Ausnam zu enger Regel, déi d'Regierung sech an deene leschte fënnf Joer ginn huet, an dat wor, dass se éischter d'Sécherheetsorganer beschränkt huet an hire Méiglechkeeten. Wann awer hei d'Kontroll iwwer e wichtegt Sécherheetsorgan gemaach gëtt, da geet et wäit iwwert déi Zréckhalung eraus, déi mer soss gemierkt hunn. Alt erëm en Zeechen, dass dës Regierung eigentlech der Polizei mëstraut an d'Kontroll extrem auswäit. Op jidde Fall sinn do vill manner Problemer gewiescht, wéi der Police begrenzte Kompetenzen ze ginn an der Police administrative. Zum Beispill de Plazverweis, eng méi liicht Identitéitskontroll an esou weider, alles dat wor net méiglech. Mä hei e ganz staarke Pouvoir wéi d'IGP stellt kee Problem. Ass dat rechtsstaatlech ze vertrieden? Mir hunn Zweifel.

Déi zwou grouss Neierungen: Onofhängegkeet. D'Onofhängegkeet soll haaptsächlech doduerch garantéiert ginn, dass de Generalinspekter e Magistrat ass. Vum Prinzip hier hu mir och do Zweifelen. Wéi ass et mat der Gewaltentrennung? Ech géif gär emol gesinn, dass de Conseil suprême de la justice, deen den Här Minister Braz jo elo op de Wee bruecht huet, geleet géif gi vun engem Polizeioffizier. Ech huelen un, dass sech do och Leit géife Froe stellen.

De Prinzip vum Non-retour ass och eng Saach, déi een esou absolutt formuléiert sécher net kann hinhuelen. Et gëtt einfach Leit an der Inspection générale de la Police, déi Aufgaben erfüllen, déi engem Retour iwwerhaupt net géifen an Wee stoen. Fir dat also esou absolutt ze formuléieren, ass op jidde Fall ze hannerfroen.

An et gëllt an eisen Aen, wann een dann esou e Prinzip huet, op jidde Fall och fir de Magistrat-Generalinspekter, well d'Justiz, mir hunn dat

gelies an deene verschiddenen Avisen, argumentéiert e bësse pro domo. Do wär de Problem net gi vum Retour, vun der Onofhängegkeet, well jo d'Aufgab vun deem Magistrat wär, d'Police ze kontrolléieren an net d'Justiz. Mä dat ass ze kuerz geduecht, well vill vun deene Missiounen, déi d'Inspection générale de la Police kritt, komme jo vu judiciairen Instanzen. A wann dee Magistrat zréckgeet an d'Police, da kann et och sinn, dass déi Manéier, wéi en déi Funktiounen, déi Aufgaben ausgefüllt huet, en Element vun der Appreciation ass, wéi en do gesi gëtt. Et ass also och do en Interessenskonflikt méiglech. Och do ass d'Onofhängegkeet nëmmen da garantéiert an där Logik, wann en Non-retour ginn ass.

Et ass also hei deux poids, deux mesures a mir sinn net d'accord domadder!

Och gesi mer Fuerderungen, dass d'Autorité judiciaire, oder Verschiddener vun hinne souguer gefuerdert hunn, d'IGP dem Justizminister ze ënnerstellen. Och dat ass an eisen Ae falsch. Et ass gutt, dass se elo wéinstens ënnert dem Kompetenzberäich vum Polizeiminister bliwwen ass.

D'Gesetz seet och, dass Etüden an den Audit an der Police vum Justizminister oder vum Parquet kënnen gefrot ginn. D'Police muss dann direkt all Informatiounen ginn. Mä mir denken, dass de Wee ass, wann dat gewënscht ass, dass de Parquet oder de Justizminister iwwert de Polizeiminister dat maachen an net iwwer en anere Wee an net direkt.

Et muss een och déi zweet grouss Neierung kucken. Den Officier de police judiciaire, dee se elo alleguer d'office sollen hunn, dass ass och eigentlech vollkommen onnéideg, op jidde Fall ganz schwéier nozevollzéien, firwat jiddweren, inklusiv de Generalinspekter, elo mat Waffen an Handschelle muss ronderëmlafen. Et ass do am Ufank argumentéiert ginn, déi géife jo Filatures maachen, Observations, Repérages, Écoutes, Déplacements auprès d'experts étrangers. Dat huet och de Statsrot net iwwerzeegt an dat kann ee verstoen. An och nach mat enger Discrétioun toute particulière! Firwat? E Magistrat, dee Generalinspekter ass, dee mécht keng esou Missiounen an e brauch och keng Waff a keng Handschellen. De Statsrot huet et och net verstanen.

An duerno ass gesot ginn: „Jo, mä dee muss jo Permanencë maachen.“ Et ass awer esou, dass vlächit och nach aner Ursachen dermat verbounne sinn, nämlech aacht Deeg Congé, 20 Points indiciaires, dat sinn am Abléck bal 400 Euro brutto de Mount, an och, an dat ënnersträicht de soziale Charakter vun der LSAP, d'Gratuité médicale, den Artikel 26 vum Gesetz, wou ee sech och muss froen: Ass dat néideg?

Op jidde Fall stelle mir fest, dass et lauter Virdeeler do gëtt. Och de Régime de discipline vun der Police applizéiert sech net op d'Inspection générale de la Police, obscho se jo och mat Waffen ëmginn an äänleche Contrainten anscheinend ënnerleien, och äänlech Missiounen anscheinend erfüllen. Mä de Règlement de discipline ass de Statut général vum Fonctionnaire an net dee spezifesch vum der Force publique respektiv vun der Police.

Et kann engem Angscht sinn ëm d'Sécherheet vun de Magistraten, déi detachéiert sinn aus der Justiz. An et muss ee sech froen, ob ee se dowéinst net vlächit, fir hiert Liewen ze schützen, besser an der Magistratur géif gesinn, wou och batter néideg Magistrate gebraucht ginn.

► **M. Roy Reding (*ADR*).** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Et ass elo esou, et muss een och Transparenz hunn. Mir wëssen heiansdo elo net, wéi eng Administratioun da firwat zoustänneg ass. D'Inspection générale de la Police kann och Enquêtes mixtes maachen. Wann e Polizist an en Zivilist, deen net Member vun der Police ass, iergendwou bedeelegt sinn an engem Fait, deen enger Enquête soumettéiert gëtt, da kann dat d'Police judiciaire sinn, déi do vlächit beoptragt ass, oder d'Inspection générale de la Police, well e Polizist beoptragt ass.

Ech mengen, et ass ganz wichteg, eng komplett Transparenz ze hunn, wéi eng Administratioun, wéi eng Instanz mat enger Enquête beoptragt ass. Dat anert ernënnert een u Zäiten, wou et just geheescht huet: „Jo, et gëtt duerno gekuckt“, an et wousst een net, wie wierklech verantwortlech war fir eng Enquête.

Wat d'Carriären ugeet, denke mir, dass, well mer jo och dee Raisonement vum Non-retour, op jidde Fall vun de Membere vun der Inspection générale de la Police, net kënnen ouni Weideres akzeptéieren, dass och déi Carrièresprivilegien, déi hei agefuert ginn, müssen hannerfrot ginn. Mir denken nach ëmmer, dass et am Interessi vun der Police allgemeng ass, dass jiddweree gerecht a fair an d'selwecht behandelt gëtt, och an de Carrièresperspektiven. An dofir sinn och vill Dispositiounen an deem Gesetz, déi eis net iwwerzeegen.



Dat heite Gesetz muss an eisen Aen iwwerschafft ginn. Et geet iwwert dat vernünftegt Mooss wäit eraus, dat eng Inspection générale de la Police soll hunn, fir kënnen d'Aufgab vun der Kontroll vun der Police ze erfüllen. An dofir wäerte mir als ADR dëst Gesetz net matstëmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Wann een dës Debatt e bësse suivéiert huet, dann ass et engem opgefall, datt erstaunlech vill Riedner verweisen hunn op aner Riedner a sech eigentlech gestriden hunn ëm d'geeschteg Vaterschaft, wann een esou soe kann, vun deem heiten Text.

Den Här Hahn huet op d'Madamm Fleisch verweisen, den Här Kox op den Här Braz a souguer den Här Gloden huet op d'Initiative vum Här Halsdorf verweisen, soudatt ech mengen, datt et en Zeechen ass, datt, wat déi grondsätzlech Ausrichtung vun deem heiten Text ugeet, et do eigentlech eng grouss Unanimitéit gëtt, och wann et eenzel Punkte gëtt, wou anerer sech driwwer streiden.

Mir fannen et och gutt, datt d'Generalinspektioun vun der Police en eegent Gesetz kritt, datt se eng eegen Administratioun ass an domadder net nëmme méi e Service vun der Police. Mir begreissen och ausdrécklech de Prinzip vum Non-retour vun der Leit aus der IGP bei d'Police, well mer mengen, datt grad dat den Ausdruck ass vun der Onofhängegkeet vun der Inspection générale vun der Police par rapport zu der Police selwer.

Mir mengen och, datt déi Missiounen, déi nei Missiounen duerchaus Kloecheit schafen, datt se sënnvoll sinn an datt an der Zomm dat hei en Text ass, dee rechtsstaatlech Prinzipien eischer stäerkt. An duerfir wäerte mer dës Projekt och mat ënnerstëtzen.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Jo. Merci, Här President. Ech wollt vläicht op e puer Punkten nach reagéieren, déi hei an der Debatt opgeworf gi sinn, fir eng Rei vu Saache kloerzestellen.

Ech mengen, dass et eng falsch Duerstellung ass, wann hei probéiert gëtt ze soen, deem Text géif an eng aner Richtung goen, wéi sengerzäit d'Chamber an engem Rapport 2009 gefrot huet. De Spriecher vun der CSV ass ëmmer hin- an hiergeschwieft tëschent Zitatiounen aus der Motioun an aus dem Rapport. Dee Rapport ass sengerzäit eestëmmeg ugeholl ginn, déi Kommissioun war prezidiéiert vun engem CSV-Deputéierten. An an deem Rapport steet dran, dass déi Leit vun der IGP net méi sollte kënnen an d'Polizei zréckgoen. Dat ass e Bestanddeel vun dem Rapport vun der Kommissioun gewiescht. A wann dat haut d'Haaptargument ass vun der CSV, fir ze soen: „Mir si géint deem heite Projekt“, da verstinn ech d'Welt net méi! Ausser d'CSV hätt d'Position alt erëm eng Kéier changéiert op deem heite Punkt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Dat Zweet ass och, dass e Magistrat soll kënne President ginn. Dat stoung och dran. Et war net meng privat Präferenz, dat wëll ech soen, mä et war awer, ech froe mech, wem seng et dann eigentlech war, wahrscheinlech den CSV-Deputéierten hir, well soss wär dat do net dra-stoe komm, well déi aner waren e bësse méi kritesch agestallt zu där doter Fro.

Och do wëll ech soen, dat ass ausdrécklech och an der Motioun virgesinn, et kéint e Jurist sinn, mat 15 Joer Expérience dans ce domaine, wat dat och ëmmer heescht, oder e Magistrat sinn, mat och enger Expérience. Och dat ass also keng Neierung, déi hei eragerutscht wär an deem heite Projekt. Déi ware schonn an den Debatte virun nëng Joer eigentlech alleguerten ugeduecht ginn.

Ech wëll och kloerstellen, wann elo dat Argument vun der Gewaltentrennung kënnt, wat bis elo nëmme dat gewiescht wär, wat d'ADR emol gebraucht, wann elo och d'CSV sech op d'Gewaltentrennung hei beroff, wéi ech soen, dass mer deem dote Virwurf e bëssen droleg virkënt - fir net en aneren Ausdruck ze gebrauchen - vun enger Partei, déi et fäerdegbruecht hat, duerchzesetzen, dass e Minister vun hinne, en huet Luc Frieden geheescht, gläichzäiteg Polizei- a Justizminister sollt sinn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Also, déi Partei brauch nu wierklech net hei mat Lek-

tiounen ze kommen, wat d'Gewaltentrennung ugeet! Wann um ieweschte Plang, op de ministerielle Fonctionen - an ech hu mech bis zum Schluss an de Koalitiounsverhandlungen dergéint gewiert gehat -, um ieweschte Plang et méiglech ass, Polizeiminister a Justizminister an enger Persoun ze maachen, dann, mengen ech, muss engem méi Angscht sinn, wéi wann elo kann e Magistrat Generalinspekter vun der Police ginn.

Dee Magistrat, wëll ech soen, bleift net méi Magistrat! Dee gëtt als Magistrat rekrutéiert, agestallt, e muss d'Expérience hunn, mä en demissionéiert dann a sengem Corps an e gëtt Generalinspekter vun der Police. An dee Moment fällt en och, dee Poste fällt, wéi och déi aner Posten, an déi Posten, déi duerch eng politesch Decisioun fir eng zäitlech Begrenzung op siwe Joer festgeluecht ginn. Och dat weist, dass et kee Magistrat wär, well e Magistrat kann een net einfach esou nennen.

Soudass ech also mengen, dass mer hei an enger ganz anerer Logik si wéi déi, déi hei ugeduecht ginn ass, dass déi Kritiken hei der-niewent sinn. An dass d'Haaptoppositionspartei alt erëm alles zesummekraazt, fir net mussen e gudden Text vun der Regierung ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Gloden huet d'Wuert.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Et ass falsch, wat den Här Bodry seet, well de Magistrat en matière disciplinaire bleift dem Statut vum Magistrat ënnerleeden.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.**- De ganze Rescht ass awer richtig.

(Hilarité et interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet den Här Minister.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëll och fir d'Alleréischts dem Rapporteur, dem honorabelen Här Bodry, Merci soe fir säin exzellente Rapport an ech soen em och Merci fir déi Reaktioun, déi en elo hat op haaptsächlech d'Aussoe vun der CSV zu deem heite Projekt. Dat bleift mir also dann erspuert, fir dat nach eng Kéier ze widerhuelen. Mä et ass scho ganz erstaunlech, wann ee wierklech gesäit, mat wéi enger Méi d'CSV probéiert, Argumenter ze fannen, fir dee Projet de loi iwwert d'Reform vun der Inspection générale de la Police net mussen ze stëmmen, Argumenter, déi se soss, wéi se nach an der Majoritéit waren, just ëmgedréit gesinn hunn.

Nodeems d'CSV deslescht virun zwou Woche beim Vott vum Policegesetz géint dat Gesetz gestëmmt huet an domat gewisen huet, dass se net hannert der Police steet, weist se dann haut mat hiren Argumenter, dass se och net hannert der Magistratur steet. Ech froe mech just, wéi déi Partei,...

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Sou populistesch Aussoen, eieiei!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.**- ...déi elo wëllt un de Pouvoir zréckkommen, mat esou enger Approche wëllt eens ginn, fir dat Land hei ze geréieren. Ech fannen dat traureg. Ech mierken awer och speziell an deem heite Gesetz, dass d'CSV sech alt erëm eng Kéier unnähert un d'Positione vun der ADR. Och dat mécht mech traureg, mä et erstaunt mech net.

Voilà, dat gesot, nach eng Kéier e grouse Merci dem Rapporteur,...

(Interruption)

...e grouse Merci awer och der Madamm Stirn an dem Här Fally, déi ganz vill un deem Projekt geschafft hunn, der Polizeidirektioun, der Magistratur, mä och natierlech menge Mataarbechter am Ministère, dem Frank Reimen an dem Martine Schmit, an natierlech last but not least och dem Justizminister, dee mer och hei ganz vill zur Säit stoung, fir dat heiten hinzekreien.

Ech si frou, dass mer dat Gesetz elo hunn. Ech si frou, dass mer eng anstänneg, modern, onofhängeg Inspection générale vun der Police elo hunn, a soen all deenen, déi fir dat Gesetz stëmmen, dofir e grouse Merci am Numm vun der Police an am Numm vun der IGP.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da géife mer... Jo?

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Parole après ministre.

(Hilarité et interruptions)

Neen, wat schrecklech ass, ass, dass en aneren Deputéierten hei behaupt, ech géif eppes

falsches soen, an hie selwer mécht e falsch Zitat. Den Här Gloden huet zitéiert aus der Motioun vu virun néng Joer, mä en huet leider de Gesetzestext net gekuckt, dee mer haut ofstëmmen, well do steet net dran, dass den Inspekter vun der Police elo géif nach disziplinaresch wéi e Magistrat behandelt ginn. Dat ass net méiglech, en ass nämlech kee Magistrat méi, wéi ech virdru kloer hei explizéiert hunn! An domat ass hie genau deemselwechte Regime ënnerworf wéi all déi aner Membere vun der Inspection générale de la Police. Dat ass den allgemengen Disziplinarregime vun der Fonction publique.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- De Minister huet mer grad recht ginn, wéi ech déi Remark gemach hunn, da sinn d'Sozialisten net sécher...

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Justizminister!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Just eng Remark, fir dem Alex Bodry bäizeflichten an och fir ze rappéléieren, dass, wéi deemools e Magistrat un d'Spëtzt vun der IGP komm ass, och e Gesetz nach gemaach ginn ass, fir och déi Transfere legal kloer ofzestéichen. Do gëtt et also nach eng zousätzlech Base légale.

Wann ech d'Wuert schonn hunn, wëll ech och dann nach eng Kéier op engem zweete Punkt dem Alex Bodry bäiflichten, wann e rappéléiert, dass an deem Rapport, deem ech deemools geschriwwen hat, deen an der Kommissioun eestëmmeg ugeholl gi war, de Punkt vum Non-retour bei d'Police net just een Element vun deem Rapport gewiescht ass, dat war d'Häerzstéck vun deem Rapport! Dat zentralt Element vun deem Rapport war déi do Dispositioun an déi ass ënner enger deemoleger Regierung mat Bedeelegung vun der CSV eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl ginn. Et ass an den Debatten hei ausdrécklech ënnerstëtzt ginn, grad deem dote Punkt. Dofir kann ech mech och selwer do nëmme wonnen iwwert dee Revirement op där doter zentraler Dispositioun vun dëser Reform.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da géife mer elo zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7044 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7044 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Gilles Roth), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projekt iwwergoen, de Projet 7040 iwwert den Disziplinarstatut vun der Police. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Alex Bodry.

10. 7040 - Projet de loi relatif au statut disciplinaire du personnel du cadre policier de la Police grand-ducale

Rapport de la Commission de la Force publique

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Här President, dësse Projet ass am Fong de Corollaire vun der Polizeireform, déi mer virun e puer Woche gestëmmt hunn, a vun der Reform vun der Inspection générale de la Police, déi mer elo grad hei als Chamber guttgeheescht hunn.

D'Spezifisitéit vun der Polizeiaarbecht par rapport zur Arméi spigelt sech an der Formation, am Rekrutement, an der Organisation, an de Missiounen vun der Polizei erëm. D'Polizei ass also kee militäresche Corps méi am enke Sënn vum Wuert. Dat ass zumindest ganz kloer gi schonn am Gesetz vun 1999 an dat ass eigentlech nach renforcéiert ginn duerch déi Polizeireform, déi mer viru Kuerzem hei guttgeheescht hunn.

Et ass also och logesch, dass d'Disziplinarrecht deem dote Fait, där doter Realitéit Rechnung ze droen huet. Et gëtt Zäit, dass mer also och dat Disziplinarrecht, wat elo nach integréiert ass an d'Disziplinarrecht, wat och d'Arméi betrëfft, dass mer dat also nei opstellen.

Nieft also dësen institutionellen Iwwerleeungen ass et virun allem awer och d'Noutwendegkeet, fir eist Disziplinarrecht vun der Polizei konform ze maachen zu allgemenge Rechtsprinzipien an och zu der Europäescher Menschenrechtskonventioun an hirer Jurisprudenz, esou wéi si och vun de Lëtzebuurger Gerichter interpretéiert ginn ass.

Et ass wichteg ze wëssen, dass et zwou Decisiounen gëtt virun eiser Cour constitutionnelle, Arrête vum 15. November 2013 a vum 10. Juli 2015, wou eng Fro, eng wichteg Fro tranchéiert ginn ass. Dat ass déi vun der Verfassungsméissegkeet vun engem spezielle Régime disciplinaire fir d'Polizei; well et jo och Stëmme ginn, déi gesot hunn: „Ma firwat solle mer fir d'Polizei net einfach d'allgemengt Disziplinarrecht vun der Fonction publique geltend maachen?“ Et gëtt also Decisiounen, déi ganz kloer beluecht hunn, dass et gutt Grënn ginn, fir eng Distinction ze maachen tëschent dem Disziplinarrecht fir d'allgemeng Fonction publique an dem Disziplinarrecht fir d'Polizei, quitte dass dat elo analyséiert ginn ass am Kader vun deenen aktuelle gesetzleche Bestëmmungen, déi och d'Arméi betreffen.

Also et gi ganz gutt Grënn, fir elo, wat d'Disziplin bei der Police ugeet, sech lasszeléise vun deem Regime, dee fir d'Arméi, also fir d'Leit gëllt, déi an engem Militärregime mat dra sinn. Dat schéngt mer och wichteg ze sinn a gläichzäiteg eng Bewegung ze maachen a Richtung fir méi no op den aktuellen allgemenge Regime vun der Fonction publique ze kommen, ouni awer dass et zu enger kompletter Iwwerschneidung kënnt.

Also déi Optioun, déi hei geholl ginn ass a wou och d'Kommissioun hannendrusteet, ass, fir ze soen: Mir denke schonn, dass et gutt Grënn ginn, fir fir d'Polizei e speziell Disziplinarrecht virzegesinn, wat anescht ass wéi dat vun der Arméi, well d'Virgoen an d'Missiounen vun der Arméi, d'Organisation vun der Arméi eng aner ass wéi déi vun der Polizei, déi haaptsächlech en ziville Corps ass, mä awer och net gläichzesetzen ass mat enger normaler Staatsbeamtenaarbecht, wat eng administrativ Aarbecht ass an déi net ze vergläichen ass mat där Aarbecht, déi zur normaler Polizeiaarbecht gehéiert, wou et drëm geet, och fir d'Sécherheet ze garantéieren, wou also Aarbecht um Terrain néideg ass a wou och do ganz aner Froen vun Disziplin sech stellen, wéi dat bei enger normaler administrativer Aarbecht um Büro de Fall ass.

Et ass an där heite Matière schonn e Gesetzesprojekt ginn. Hei ass et net wéi an där Matière virdrun, wou et e Virprojekt ginn ass. Hei ass et schonn e Gesetzesprojekt gi bei der viiregter Regierung 2012. An dee Gesetzesprojekt ass an d'Prozedur gaangen an dee Gesetzesprojekt ass awer konfrontéiert gi mat engem kriteschen Avis vum Statsrot, dee gesot huet, dass et besser wär, op de Wee vun engem spezielle Regime fir d'Polizei ze goen, an net, wéi de Minister Halsdorf dat nach a sengem Projekt virgesinn hat, et awer am Beräich vun der Arméi dranzeloossen.

Duerfir ass dës Regierung dohinneergaangen a se huet weinst där fundamentaler Fro do en neie Projekt ausgeschafft an och 2016 dann deponéiert an engem äänlechen Zäitraum, wéi déi aner zwee Projeten, déi d'Reform vun der Polizei ugin.

Wat sinn elo déi Hauptneierungen duerch dës Projekt de loi? Ech géif der véier opzielen.